N°2052
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 2052 vum 7. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Ricardo Marques.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Reparaturaarbechten an d'Renaturéierungsprojeten un den Lëtzebuerger Flëss.

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1208 vum 18. September 2024 erkläert, ass Enn 2024 eng Etüd fir d'Uelzecht an d'Sauer lancéiert ginn. D'Zil vun dësem Projet ass et fir engersäits dës Waasserleef ze renaturéieren an anerersäits de Risiko bei Iwwerschwemmungen am Kader vun der "Nordstad"-Entwécklung ze reduzéieren.

Nieft de klassesche Renaturéierungsprojete lafen den Ament och eng Rei weider Projete fir den Héichwaasserschutz op der Sauer ze verbesseren. Zu Iechternach, wou aktuell scho Moossname fir den Héichwaasserschutz en place sinn, leeft eng Etüd u fir den aktuellen Héichwaasserrisikomanagement ze optimiséieren. Bei dëser Studie ginn, ënnert anerem, den Impakt vun de säitlechen Zouflëss (Lauterburerbaach an Aleferbaach) an d'Erfarungswäerter vum Héichwaasser vu Juli 2021 consideréiert.

Fir d'Uertschaft Waasserbëlleg ass dogéint en neien Héichwaasserschutz a Form vun enger Héichwaasserschutzmauer mat mobillen Elementer op der Sauer geplangt. Dëse Projet ass nom Accord vun den däitschen Autoritéite den 20.03.2025 autoriséiert ginn.

Bei deene vum Här Deputéierte genannten Iwwerschwemmungen aus dem Joer 2021 goufe keng Staatsstroosse laanscht d'Sauer beschiedegt.

D'national Vëlospist PC3, déi direkt laanscht d'Sauer verleeft, gouf vun den Iwwerschwemmungen am Ausgang vun Iechternach a Richtung Dikrech beschiedegt.

D'Etudë fir dës Schied ze behiewe sinn ofgeschloss an d'Aarbechte ginn nach dëse Summer ausgeschriwwen.

De Käschtepunkt fir d'Reparaturaarbechten un der PC3 (Etuden abegraff) läit bei ronn 1 000 000 EUR TTC. Ausserdeem gouf d'PC3 och zu Waasserbëlleg staark beschiedegt. Hei huet awer d'Gemeng Mäertert d'Reparature finanzéiert, sou dass kee Montant genannt ka ginn.

Et soll awer och op aner Schied higewise ginn, wéi den Depot vum Service Electro-Mécanique (SEM) vun der Stroossebauverwaltung zu Rouspert, deen duerch d'Iwwerschwemmunge staark beschiedegt gouf.

D'Reparaturaarbechte belafen sech hei op insgesamt 970 952,25 EUR TTC.

De Planning gesäit vir, dass d'Aarbechten am Hierscht 2025 gestart kënne ginn.

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes